# d'Peffermillen

De Koschter huet séngen Aen an Ouere nët getraut, wu en den 2. Oktober 1981, bei der Eröffnung vum "Spackelter"-Drogentherapiezentrum derbäi wor. Kuerz vrun de Gemengewalen haten sech Dosende vu Spëtzepolitiker beméit, den Drogekranken hir Opwaardung ze man. Oder wollten si, vum Familjeminister Jean Spautz bis bei den Ausseminister Colette Flesch, de Buergermeeschter Camille Polfer, zwou DP-Deputéiert, dräi CSV-Deputéiert, vu sozialistescher a kommunistescher Prominenz nët ze schwetzen, all dem Gesondheetsminister Emile Krieps eng auswëschen? Hie ka bekanntlech de Kollektiv "Spackelter" nët richen an hat nët gezéckt, di Responsabel mat der däitscher Terroristenszen an Zesummenhank ze bréngen (vgl. "forum" Nr. 46/81). De Familjeminister huet suguer dem "Spackelter" versprach, ze hëllefen e Bauerenhaff ze fannen , wou en d'Therapie kënnt sënnvoll fortféieren, well do e Gemeinschaftsliewen an eng kontinuéierlech Beschäftigung méi einfach wären wi am Gopola-Haus op der Gare an der Rue des Etats-Unis. Vläicht kënnen di Politiker sech no de Walen nët méi erënneren, wat se op hirem "Horror-Trip"("Zeitung" dixit, 5.1o.81) versprach hun. Mä de Koschter wäert dem "Spackelter" hëllefen se drun z'erënneren. m.p.

Wat de Koschter fir d'Gemengewale vum 11. Oktober nees u Walpropaganda an d'Haus kritt huet, wor alles wi nët grad informativ: Vill Verspriechen an allgemengt Gequassels, mä wéineg Konkretes. De Koschter huet bedauert, dass e nët an der Geméng Bartréng wunnt, wu eng Biergerinitiativ mat an de Walkampf gaang as an dofir eng Broschür mat ville Biller vun 25o (!) Säiten erausgin huet. Dodra waren eng ganz Rei Dokumenter am Original ofgedréckt, sou dass de Wieler sech séng eege Meenung konnt man. Dass de Wieler dat och gemaacht huet, gouf den 11. Oktober däitlech: d'Biergerinitiativ huet ee vun hiere Leit an de Gemengerot gewielt kritt. m.p.

Den RTL-UKW versteet sech als pluralistesch an neutral. Säi reng informative Reportage iwer d'Bonner Friddensdemonstratioun entschëllegt awer bei wäitem nët, wat de Pol Leuck a sengem "Kommentar" e Sonndeg, 18.Oktober zum beschte gouf. Hien huet déi 3oo ooo Däitscher - an aner Europäer - a sénger gewinnter Schwaarzwäissmanéier, déi alles, awer och glat alles, duerch den Antikommunistebrëll gesäit, an dräi Sätz fäerdeggemat. Wuertwiertlech Schlussfolgerung. "D'Preise sin erëm geféierlech. Si marschéire nees." Dat as kee besonnesch schlëmmt Zitat vum Pol Leuck. De Lieser ka wuel selwer jugéiren, wéi esou e Stil an esou Aussoen ze qualifizéire sin. Als Journalismus wuel kaum. An dofir gehéiren se och nët op de Radio. Wéi oft a vu wivill Leit muss dat nach gesot gin? csst

Am Interview, deen an der Nr. 5o ofgedréckt wor, hat den Här Pilo Fonck zougin, dass öfters vu Politiker versicht gët, Drock ze man op d'Lëtzebuerger RTL-Redaktioun. Hien huet awer versëchert, dass sie sech dogéint ze wiere wëssen. Wann di klenger Parteien (KP, SdP, PSI) vill manner Sendezäit um Radio während der Wahlkampagne zur Verfügung haten wi di grouss - verschidde Parteien (LCR, Demokratesch Volléksvertieder, Biergerinitiativ Bartréng, asw.) haten iwerhaapt keng - dann as dat nët der UKW-Redaktioun hier Schold, mä der Regierung hier, di dës ongerecht Informatiounspolitik ze veräntwerten huet. D'Redaktioun, am Géigendeel, hat och di klenger Parteien um Walsonndeg an hier Studioen invitéiert fir hir Kommentaren ze man. Bei der "Hei elei"-Redaktioun schéngt awer di politesch Onoofhängegkeet nët su grouss ze sin. Bei enger Konferenz am RTL-Auditorium zum Thema Entwécklungspolitik as dem Koschter opgefall, dass d'Kamera eréischt ageschallt gouf, wi di lëtzebuergesch Ausseministerin C.Flesch hir Ried gehalen huet. D'Thérèse Gastaud (Direkter vun der UNO) an de Christian Delcourt (AFC-Solidarité Tiers Monde) haten déi Eier nët. m.p.